Lëtzebuerger
Guiden a Scouten
Native Village

TERRAVIVA
2023

# Opruf „ Mir sichen Juchten fir den nationalen AvExCamp Terraviva



No der Annulatioun wéinst COVID, organiséieren LGS endlech de groussen nationalen AvExCamp „Terraviva“ zu Ettelbréck hannert der Däichhal, dest vum 17. – 27. Juli 2023. D'Ekipp Native Village ass gefrot gi fir beim Programm ze hëllefen, an zwar mat engem groussen Escape Spill, wou a groussen Escape Room gebaut gët

Den Numm vun eisem Spill heescht „Fort Terraviva“ a behandelt déi 4 Elementer vum Camp. Den Numm „Fort“ steet fir de Raum, wou wärend engem ganzen Dag ongeféier 120 AvEx flott a spannend Abenteuer; Aufgaben a Rätsel musse meeschteren resp.léisen. Beim „Fort“ inspiréiere mir eis um „Fort Boyard“, enger Sendung op der franséischer Télé.

Jo, dir hutt richteg verstane, mir probéieren eng Festung als Escape Room ze bauen.

## D'Infrastruktur vum Fort „Terraviva“:



Fir dëse Fort ze bauen brauche mir eng Parti Juchten, an zwar vum 13. – 28.7.2023. Falls äre Grupp eng oder méi Juchten huet, an eis des fir den AvExCamp ausléihnen kann, kennt dir iech fir weider Detailler beim Tom Lahr ënnert tom.lahr@lgs.lu mellen

Elo schon a grousse Merci fir är Hëllef

Mat beschten Guiden a Scoutsgréiss

Fir d'Ekipp „Fort Terraviva“
Tom Lahr

Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Native Village
5, rue Munchen-Tesch | L-2173 Lëtzebuerg
+352 357645 | neihaischen@lgs.lu | lgs.lu



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG